Saulxure - sur - Moselotte

eis Sortie an d´Vogesen

Den Flyfishing Club aus Lëtzebuerg huet sech den Week – end vum 12. an 13. Mée 2012 op den Weë gemeet fir an d´Vogesen fëschen ze fueren. Den lac de la Moselotte ass 9 ha grouss an läit idyllesch teschent den Birger an éngem 23 ha groussen Naturpark. Mir profitéieren bei dëser Sortie ëmmer vun der Geleenheet fir an den Chalets´ën déi direckt um Séi geleën sin ze iwwernuechten, esou bid sech eis d´Méiglechkeet Owes esou laang ze fëschen ewei et eis Spaass mécht, ouni mussen un d´Heemrees ze denken. Dodernieft sin déi schon legendär Grillowender zu Saulxure all Joër op een Neis een groussen Moment deen mir op keen Fall mëssen wëllen an esou haten sech dann och éng gudd zwanzég Memberen anfond fir zwee wonnerschéin Deg an beschter Komerodschaft zesummen ze erliewen.

den Séi aus der Loft gesin

d´Chalets´ ën

Ewei mir no ronn 250 km Unrees zu Saulxure unkomm sin huet et nach gereent, mée genee esou ewei sech dat gehéiert, hat den Wiedergott awer Ansiicht bewisen an lues a lues ass d´Wieder dun ëmmer besser gin. Mir hun eis och net laang opgehalen fir eis Saachen anzeraumen, dat kann een jo och nach nom fëschen maachen....., an null komma nix woren d´Staangen opgeriicht an mir um Weë fir bei d´Waasser. Do unkomm hun mir dun och ewei d´Weltmeeschter las geluecht an et sollt net laang daueren dun hun schon déi Éischt kreesch gedoën. **“Hues de dat gesin ewei déi méng Méck vum Waasser geplëckt huet”** ..... **“Oh fréck wat hun ech een Béischt gefaangen”**..... **“ wat huet méng Staang sech gebéiht“** ..... **“déi Doten ass bis an den Backing gaangen”** ..... **asw.** (lauter Fëscherlatäin, éng Friemsprooch déi nawel gären vun Fëscher gebraucht gët). d´Fësch hun sech an grousser Form gewisen an hun eis vill Freed bereet, et woren dëst Joër aussergewéinlech déck Fësch besat gin an dës woren och schéin lieweg an hun eis Alles ofverlaangt. Jidvereen huet vill Fësch gefaangen, déi Éng mat drechen Mécken, déi Anner mat klengen Nymphen oder Streamer. Vill Fësch goufen awer och mat énger spezieller Méck gefaangen déi deen schéinen Numm **“Tchernobyl ”** dréiht.

d'Freed wor grouss, mée dat ass jo och keen Wonner bei esou éngem schéinen Séi ewei een ën zu Saulxure virfënd.



zum fëschen gehéiert natirlech och .....

an virun Allem, nach vill méi.....

Déi Meeschten konnten awer guer net erwuarden dass et Owend gin ass an eisen Grillmeeschter den Jeek endlech zum Ansatz koum. Et ass schon erstaunlech ewei d´Fëscher noh esou éngem unstréngendem Fëscherdag nach esouvill Ansatz an Konditioun un den Dag leën fir all déi gudd Saachen déi den Jeek eis zoubereet hat nach ze verdrécken. Et ass mir zeguer virkomm ewei wann verschidden Leit sech beim fëschen ganz diskret zeréckgehalen häten fir Owes kënnen duur ze fueren, ewei annescht wir et sos ze erklären dass den Fränz virum grillen net esou richteg "à l´aise" wor mée nodeems Hien ee puer Mettwurschten an nach méi Kotteletten verdréckt hat, huet Hien eis den zweeten Dag Alleguer naass gemeet.

Zum Gléck hat sech dës Kéier awer och éng gudd Équipe fond fir den Jeek ze ënnerstetzen, den Jemp, den Robert, den Fränz an den Patrick hun Him kräfteg ënnert d´Äerm gegraff an esou konnt och eisen Präsident dësen Owend an vollen Zíich genéissen. Während déi Éng sech drun gin hun fir ze fëschen, haten déi Anner (den Gast an den Jang) erëm nëmmen spillen an der Kopp an hun wuel schon un den Fussballsmätsch um Owend geduecht.

Jee et woren erëm zwee wonnerschéin Deg vollgepaackt mat Impressiounen déi natiirlech ze séier eriwwer woren. Et woren awer och zwee Deg déi verdäitlecht hun dass een beim Méckenfëschen dem Alldag entfléihen kann an et zeguer an der häiteger Zäit, déi voll gepaackt ass mat Impulser déi vun Baussen op een anwierken, een et fäerdeg bréngt stonnenlaang esou op d´fëschen fixéiert ze sin dass een alles Annescht ronderem kann vergiessen. Mir freën eis elo schon fir dat nächsten Joër wann et erëm heescht op Saulxure ze fueren. Déi nächsten Sortie déi elo an d´Haus steet ass den lac de la Salamandre zu Latilly, och dëst ass niewend eiser Sortie op den lac de la Moselotte, déi Sortie déi een net verpassen soll ewell dësen Site duurch séng Eenzegartegkeet direckt an Aa stécht. Wann een zu Latilly teschent den Sanddünen fëscht huet dat schon bal den Flair vum Mier et ass och déi eenzeg Plaz bei ons an der Géigend ewou een dem black Bass nostellen kann. Och hei hun mir schon esou munech schéin Stonn verbruecht un déi mir eis gären erënneren an dofir och ëmmer erëm gären déi ee bëssen méi ewei 300 km op eis huelen fir op Latilly zr fueren,